# MIR

# fir

# IECH



## Virwuert vum Guy Schiltz

*Buergermeeschter vun 2002 bis 2014*

**Mir fir Iech** gi zesummen als Équipe an d'Walen fir zesummen ze plangen, ze schaffen an Iech als Bierger an är Iddien ze respektéieren. Mat Transparenz a Flexibilitéit wëlle mir kloer Richtlinne setzen.

**Mir fir Iech** si Leit aus verschidden Altersgruppen a ville verschiddene Sparten, fir dass mir déi néideg Fachberäicher mat Erfarung kenne vertrieden.

An onsem Walprogramm steet de Neibau vun der Schoul a Maison Relais un éischter Stell. Ee Projet deen de Budget vun onser Gemeng enorm strapazéiert. Aus dem Grond hu mir verzicht fir weider grouss Projeten an onsen Programm ze setzen. Nom Bau vun der Schoul/Maison Relais muss och d' Crèche zu Reiland erweidert ginn, fir dem Wuesstem vun onser Gemeng gerecht ze ginn.

Mir wäre frou, wann Dir Iech mat eisen Virstellungen kéint identifizéieren an soen Iech lo scho Merci fir Är Stemm an Äert Vertrauen.

## Eis Virstellungen fir d' Zukunft vun eiser Gemeng

**Ëmwelt:**

- ✓ Ënnerstëtzen vun erneierbaren Energien
- ✓ Weiderféieren vun den Pläng fir Wandenergie opzebauen
- ✓ Agrenzen vun Energieverschwendung an ëffentlechen Gebaier

***Déngschtleeschtung***:

- ✓ Informatiounssystem : SMS-Service, Internetsäit, Informatiouns-Blat, …
- ✓ Eng App schafen iwwert déi nëtzlech Informatiounen fir eis Bierger zur Verfügung gestallt kënne gi.
- ✓ Méiglechkeet schafen fir Rechnungen vun der Gemeng via Payconiq kennen ze bezuelen

***Verkéierssécherheet:***

- ✓ Verkéiersberouegung an den Entrée'n vun eisen Dierfer
- ✓ Ubannung un den nationalen Vëlosreseau
- ✓ Trottoiren Astand sëtzen wou néideg

***Gemengen Organisatioun***:

- ✓ Renforcement vum Personal
- ✓ E gutt an aktiivt Fonctionnement vun eise Kommissiounen iwwert 6 Joer
- ✓ Méi Transparenz tëschent dem Schäffen- a Gemengerot

***Gemengesyndikater***:

- ✓ Participatioun vun eiser Gemeng un verschiddenen Syndikater iwwerdenken an eng Verschwendung vun Steiergelder vermeiden.

***Gemengen Entwécklung***:

- ✓ Endgülteg Planung an kuerzfristeg Ëmsetzung vun engem zentralen Schoulkomplex mat Maison Relais
- ✓ Den neien Schoulkomplex kéint et erlaben eng Vergréisserung vun den Capacitéiten vun der Crèche ze erméiglechen
- ✓ Mir sinn géint eng grouss Regional Industriezone no beim Wunnberäich

***Verschiddenes***:

- ✓ Ënnerstëtzen vun eisen Veräiner
- ✓ Kulturellt Angebot erweideren
- ✓ Kanner- an Jugendgemengerot erëm opliewen loossen
- ✓ Réactivatioun vun verschiddenen Interkulturellen Evenementer wéi den "Vivons Ensemble", ...

# Nos propositions pour le futur de notre commune

**Environnement**:

- ✓ Essor des énergies renouvelables
- ✓ Continuation des plans pour installer des éoliennes
- ✓ Limitation du gaspillage d'énergie dans les bâtiments publics

**Services**:

- ✓ Système d'information: Service Sms, site internet, Informations-Blat, …
- ✓ Créer une app par laquelle des informations utiles peuvent être mis à disposition de nos citoyens.
- ✓ Créer la possibilité de payer les factures de la commune par Payconiq.

**Sécurité routière:**

- ✓ Rendre la circulation plus calme à l'entrée de nos localités
- ✓ Raccordement au réseau cycliste national
- ✓ Remettre les trottoirs en état aux endroits nécessaires

**Organisation communale:**

- ✓ Renforcement du personel
- ✓ Un bon fonctionnement actif de nos commissions durant 6 ans
- ✓ Plus de transparence entre le conseil échevinal et le conseil communale

**Syndicats communaux:**

- ✓ Revoir la participation de notre commune aux différents syndicats pour éviter le gaspillage de deniers publics.

**Développement communal:**

- ✓ Planification définitive et mise en oeuvre à court terme de l'école centrale avec maison relais
- ✓ La nouvelle école centrale pourrait permettre l'agrandissement des capacités de la crèche
- ✓ Nous sommes contre une grande zone industrielle régionale près des espaces d'habitation

**Divers :**

- ✓ Soutien de nos associations
- ✓ Agrandir l'offre culturelle
- ✓ Revitalisation du conseil municipal pour enfants et jeunes
- ✓ Réactivatioun de certains évènements interculturels tel que le „Vivons Ensemble", …

# Unsere Vorstellungen für die Zukunft unserer Gemeinde

**Umwelt:**

- ✓ Unterstützen von erneuerbaren Energien
- ✓ Weiterführen der Pläne um Windenergie aufzubauen
- ✓ Eingrenzen von Energieverschwendung in öffentlichen Gebäuden

**Dienstleistungen:**

- ✓ Informationssystem: SMS-Service, Internetseite, Informatiouns-Blat, …
- ✓ Eine App schaffen um nützliche Informationen unseren Bürgern zur Verfügung zu stellen.
- ✓ Möglichkeit schaffen um Rechnungen der Gemeinde via Payconiq bezahlen zu können.

**Verkehrssicherheit:**

- ✓ Verkehrsberuhigung an den Eingängen unserer Dörfer
- ✓ Anbindung an das nationale Fahrradnetz
- ✓ Bürgersteige Instand setzen wo notwendig

**Gemeinde Organisation:**

- ✓ Verstärkung vom Personal
- ✓ Eine gute und aktive Funktion unserer Kommissionen während 6 Jahre
- ✓ Mehr Transparenz zwischen Schöffen- und Gemeinderat

**Gemeindesyndikate**:

- ✓ Teilnahme unserer Gemeinde an verschiedenen Syndikaten überdenken und eine Verschwendung von Steuergeldern vermeiden.

**Gemeinde Entwicklung:**

- ✓ Endgültige Planung und kurzfristige Umsetzung von einem zentralen Schulkomplex mit Maison Relais
- ✓ Der neue Schulkomplex könnte es erlauben eine Vergrösserung der Kapazitäten von der Crèche zu ermöglichen
- ✓ Wir sind gegen eine grosse Regionale Industriezone nahe am Wohnbereich

**Verschiedenes:**

- ✓ Unterstützen von unseren Vereinen
- ✓ Kulturelles Angebot erweiteren
- ✓ Kinder- und Jugendgemeinderat wieder aufleben lassen
- ✓ Reaktivierung von verschiedenen Interkulturellen Veranstaltungen wie den „Vivons Ensemble", …

# Our proposals for the future of our municipality

**Environment**:

- ✓ Growth of renewable energies
- ✓ Continuation of plans to install wind turbines
- ✓ Limitation of energy waste in public buildings

**Services**:

- ✓ Information system: SMS service, website, Information-Blat, etc.
- ✓ Create an app through which useful information can be made available to our citizens.
- ✓ Create the possibility of paying municipal bills by Payconiq.

**Road safety:**

- ✓ Make traffic calmer at the entrance to our localities
- ✓ Connection to the national cycling network
- ✓ Repair sidewalks where necessary

**Municipal organization:**

- ✓ Staff reinforcement
- ✓ Good active functioning of our committees for 6 years
- ✓ More transparency between the council of aldermen and the municipal council

**Municipal unions:**

- ✓ Review the participation of our municipality in the various unions to avoid the waste of public funds.

**Municipal development:**

- ✓ Definitive planning and short-term implementation of the central school with relay house
- ✓ The new central school could allow the expansion of the capacities of the crèche
- ✓ We are against a large regional industrial area near residential areas

**Various:**

- ✓ Support from our associations
- ✓ Expand the cultural offer
- ✓ Revitalization of the City Council for Children and Youth
- ✓ Reactivation of certain intercultural events such as „Vivons Ensemble", …

# As nossas propostas para o futuro do nosso concelho

**Ambiente:**

- ✓ Crescimento das energias renováveis
- ✓ Continuação dos planos de instalação de aerogeradores
- ✓ Limitação do desperdício de energia em edifícios públicos

**Serviços:**

- ✓ Sistema de informação: serviço de SMS, website, Information-Blat, etc.
- ✓ Crie um aplicativo através do qual informações úteis possam ser disponibilizadas aos nossos cidadãos.
- ✓ Crie a possibilidade de pagar contas municipais por Payconiq.

**Segurança na estrada:**

- ✓ Tornar o trânsito mais calmo à entrada das nossas localidades
- ✓ Ligação à rede nacional de ciclismo
- ✓ Reparar calçadas quando necessário

**Organização municipal:**

- ✓ Reforço de pessoal
- ✓ Bom funcionamento ativo de nossos comitês por 6 anos
- ✓ Mais transparência entre o conselho de vereadores e o conselho municipal

**Sindicatos Municipais:**

- ✓ Rever a participação do nosso município nos vários sindicatos para evitar o desperdício de dinheiro público.

**Desenvolvimento municipal:**

- ✓ Planejamento definitivo e implementação de curto prazo da escola central com casa de revezamento
- ✓ A nova escola central poderá permitir a expansão das capacidades da creche
- ✓ Somos contra uma grande área industrial regional perto de áreas residenciais

**Vários:**

- ✓ Apoio das nossas associações
- ✓ Expandir a oferta cultural
- ✓ Revitalização do Conselho Municipal da Infância e Juventude
- ✓ Reativação de alguns eventos interculturais como „Vivons Ensemble", …

# Är EQUIPE

## Tom BINDELS



Ech sënn 33 Joer al, Jonggesell an Hiefenecher Jong. Meng Fräizäit verbréngen ech vill an der Natur an am Gaart. No menger Zäit ob der Uni, sënn ech an 2 Veräiner aktiv ginn. Hei läit all Kéiers de Schwéierpunkt beim Hëllefen vun Kanner a Leit deenen et net esou gutt geet, wéi mir dat gewinnt sinn.

Als Projectmanager an der Bauerenzentral hunn ech geleiert polyvalent ze sinn. Des Erfarung, wéi och mäin Studium, well ech beschtméiglechst an eis Gemeng afléissen loossen.

Dofir géif ech mech freeën, wann dir, léif Biergerinnen a Bierger, onser Lescht „Mir fir iech" äert Vertrauen géift schenken. Sou dass mir zesummen eis Gemeng, am kulturellen, sozialen a wirtschaftlechen no fir kennen bréngen.

## Christian D'HARCOUR



50 Joer, Bestuet an Papp vun engem Kand, Privatbeamten. Wunnen säit 2006 zu Reiland a sinn säit den leschten Walen aktiven Member am Gemengerot zu Hiefenech.

Als Familljepapp, an awer och als Mann vun enger Léierin aus der Gemeng, leie meng Prioritéite bei eise Kanner a bei der Schoul. D'Kanner sinn d'Zukunft vun eiser Gesellschaft. Éischt Aufgab vun enger Gemeng ass et deene Jonken eng sécher Zukunft ze erméiglechen.

Nieft hire Familljе sinn zwee wichteg Pilier'en op hirem Wee d'Schoul an d'Veräiner, déi béid wäertvoll Aarbecht leeschten. Dës zwou Stäipen an eiser Gesellschaft solle vun eiser Gemeng op allen Niveauen ënnerstëtzt ginn.

Den nohaltegen Ëmgang mat eise Ressourcen, finanzieller oder anerer Natur, sinn mir e weidert Uleies. Och op Gemengenniveau sollen eis Ressourcen nohalteg a verantwortungsvoll genotzt ginn.

Schenkt eiser Equipe äert Vertrauen mat ärer Stëmm.

## Marco DE JESUS GODHINO



Ech sinn 45 Joer al Jonggesell sinn fräiwëlleg bei zwou Organisatiounen – „Frënn vun Csókakö" an "Lien du Coeur".

Sinn mat Passioun dobäi an hëllefen a gär aner Leit.

Ech gleewen un d'Wichtegkeet vun der Zesummenaarbecht an der Gemeinschaft an géigesäiteg Ënnerstëtzung.

Dofir sinn ech bei den "Frënn vun Csókakö" a "Lien du Coeur" engagéiert fir Leit an Nout ze hëllefen an hinnen eng besser Zukunft ze ginn.

Ech mengen, mat menger Erfarung am Benevolat a Leidenschaft, fir d'Gemeng wär ech e gudde Kandidat fir d'Gemengewalen.

Ech wär frou, wann Dir mir Äre Vote géift ginn, fir dass ech mat Iech schaffen kann, fir eis Gemeng nach besser ze maachen.

## Tom LEICK



Ech hunn 45 Joer, si bestuet an hunn 2 Kanner. Ech schaffen als Informatiker beim Staat. Säit 2013 wunnen ech zu Hiefenech.

Am Gemengerot sinn ech säit 2017. Ech vertrieden eis Gemeng an der Comission de surveillance vum FILANO, de Syndikat, deen d'Sportshal an d'Schwemm vun de Gemenge Fëschbech, Fiels, Noumer an Hiefenech verwalt. Desweidere sinn ech an der Finanzkommissioun an der Kommissioun fir Internet an InfoBlat.

Als Hobby spillen ech Musek, ech maache Sport an interesséiere mech fir al Auto'en. Musek spillen ech an der Lënster Musek an ënnerstëtzen hei och déi Jonk Lënster Musek.

Als Sport ginn ech lafen, et begéint ee mech op diversen 10km Cours'en oder Hallef-Marathonen hei am Land oder och mol am Ausland.

Als Informatiker weess ech wéi ee Projet'en leed an hunn och keng Beréierungsangscht mat den neien Technologien a weess wat fir Virdeeler an Nodeeler dës kennen hunn.

An der leschter Legislaturperiod hunn ech d'Erfarung gemaach, dass et wichteg ass eng gutt a kollegial Equipe un der Spëtzt vun eiser Gemeng ze hunn, fir dass d'Aarbechten a konstruktiver Zesummenaarbecht kenne gemaach ginn.
Ech wier frou wann dir eis Equipe mat dësem Ziel wiele géift.

## John RACH



Alter: 52 Joer (ëmmer zu Hiefenech gewunnt)

Formatioun: Ingénieur-technicien am Bauwiesen

Beruff: Préposé bei der Ponts et Chaussées

Veräin: US Hiefenech; aktuellen Trainer am Benevolat vun 3 Jugendekippen

Politesch Karriär:

2011-2017 Schäffen vun der Gemeng Hiefenech

Delegéierten vun der Gemeng an de Syndikater SIDEN a SIDEC

2017-2023 Aktive Member am Gemengerot

2011-2023 President vun der Bautekommissioun

Member a Finanz-, Sport- a Jugendkommissioun

No 12 Joer an der lokaler Duerfpolitik bleiwen nach ëmmer vill Dossieren effektiv ëmzesetzen. Etude si wichteg, mee dären Zäit no Verwierklechung muss die logesch Suite sinn. A menger deeglecher Aarbecht bei der Ponts et Chaussées gehéiert et, niewent dem Personalmanagement, Projeten ëmzesetzen, dëst oft no laangen a komplizéierten Geneemegungsprozeduren.

Hei an der Hiefenecher Gemeng sinn 2 zentral Projeten, déi op hir Realisatioun um Terrain waarden. De Bau vum neie Schoulkomplex mat integréierter Maison Relais an d'Verkéierssécherheet an eisen Dierfer. Dernieft bleiwe vill kleng, awer dofir net manner interessant Projeten ëmzesetzen.

Och an de Ressources humaines muss d'Gemeng op e kompetitiven Niveau gesat ginn.

Dofir wëll ech an deenen nächste 6 Joer derzou bäidroen, fir datt eis 1550 Awunner-Gemeng souwuel op infrastrukturtechneschem wéi och op sportlechem a kulturelle Plang positiv op der Landkaart erëmzefannen ass. Eis Veräiner leie mer besonnesch um Häerzen, well nëmmen sou kënne mir eng gutt Integratioun hikréien.

## Arlette SCHANTZEN



Ech sinn 1962 gebuer a Mamm vun 3 erwuessene Kanner.

Ech wunnen zënter 1991 an der Gemeng Hiefenech. Ier ech d'Rent krut war ech beim Ministère de l'Éducation National et de la Jeunesse ugestallt.

12 Joer hunn ech mech am Gemengerot, dovun 3 1/2 am Schäfferot, fir d'Awunner vun eiser Gemeng agesat. An dem Zäitraum war ech un der Planung an der Fäerdegstellung vun eiser Maison mat Crèche aktiv bedeelegt.
Privat reesen ech gär, liese vill, si mat Frënn ënnerwee oder versuerge leidenschaftlech gär meng Enkelkanner.

An der Gemeng sinn ech als Sekretärin vun der Kommissioun vum 3. Alter täteg sou wéi an der Schoulkommissioun an an der Commission de l'intégration.

Léif Wieler, ech géif mech freeën, wann ech an eis Equipe, eis no de Walen kéinten zesummen fir iech an eis Gemeng asetzen.

## Guy SCHILTZ



68 Joer, bestuet, Papp vun 2 Meedercher a Bop vun 5 Enkelen. Pensionéiert.

Am Gemengerot sinn ech zënter 1992 mat Begeeschterung derbäi.

Dovunner 3 Joer als Schäffen an 12 Joer als Buergermeeschter (vun 2002 bis 2014).

Ech si President vun der Kommissioun vum 3ten Alter a Member vun der „Commission d'Integration". Ech vertrieden ons Gemeng an der „Commission de surveillance" vum Mierscher Altersheim a vum Club Uelzechtdall an ech si Vertrieder vun onser Gemeng am COPIL Natura 2000 Mëllerdall.

Ech sinn Grënnungsmember a säit 1999 President vun der Hëllefsorganisatioun „Frënn vun Csókakö", säit 2022 sinn ech aktive Member vun der Hëllefsorganisatioun „Liens du Coeur" a Comitésmember vum Fielser Wanderveräin.

Meng Hobbyen si kachen an aktiv am Veräinsliewen deelzehuelen am Kader vum Benevolat. Gären besichen ech och reegelméisseg d'Basketmatcher vun der éischter Equipe.

Ech wier frou, wann Dir ons Equipe wiele géift fir dass'e mir déi folgend 6 Joer zesummen a kollegialer Manéier zum Wuel vun all onse Bierger schaffen a plange kënnen.

## Jean SCHWARTZ



61 Joer, bestuet a Papp vu 4 Kanner.

Fréier Ingenieur bei BCE-RTL, haut an der Pensioun.

Meng Hobbye sinn: Mäin Hond, Video a Fotografie, Motorradsreesen a Sport.

Vun 2011 bis 2017 Member vum Gemengerot, haut nach Member vun der Kulturkommissioun, der Ëmwelt- a Weegekommissioun a vun der Jugend- a Sportskommissioun.

Ech wëll mech fir erneierbar Energien a géint d'Verschwende vu Ressourcen, finanzieller an energeetescher Aart asetzen.

Schenkt mir an onser Equipe den 11. Juni äert Vertrauen an är Stëmm, fir dass mir ons zesumme fir all ons Bierger a fir de Wuel vun der Gemeng asetze kënnen.

## Ricardo SILVA TEIXEIRA



30 Joer, Papp vun engem Meedchen, a säit 2018 aktive Member vun der Hëllefsorganisatioun „Le lien du coeur".

Ech wëll mech als Kandidat fir déi nächst Walen an eiser Gemeng opstellen.

Als aktive Member vun der Hëllefsorganisatioun „Le lien du coeur" hunn ech erkannt wéi wichteg et ass, deenen ze hëllefen déi et am neideschsten hunn, a mech fir den Zesummenhalt vun der Gemeinschaft anzesetzen. Ech hunn gesi wéi och déi klengste Gesten d'Liewe vun engem verännere kënnen, an d'Welt ronderëm méi liewenswäert maachen.

Als Papp vun enger Duechter ass et fir mech besonnesch wichteg, un enger liewenswäerter Zukunft fir eis all ze schafen.

Ech wäert mech dofir asetzen datt eis Gemeng eng sécher, propper a frëndlech Plaz fir eis all an eis Familljen ass, a bleift. Eng staark Gemeng kann nëmmen duerch Zesummenaarbecht a géigesäiteg Ënnerstëtzung fonctionéieren.

Als Kandidat fir d'Gemengewale wëll ech meng Erfarung als Benevolen notze fir op d'Bedierfnesser vun eise Bierger anzegoen.

Ech wäert mech asetzen datt eis Gemeng eng Plaz ass, wou jiddereе eng Stëmm huet, wou mir zesumme schaffen, fir eng besser Zukunft.

# Är EQUIPE

***Tom BINDELS***
8, um Léisbech
L-7653 Heffingen
621 277 567
bindelst@pt.lu

***Christian D'HARCOUR***
17, am Duerf
L-7670 Reuland
661 787 646
christian.dharcour@pt.lu

***Marco DE JESUS GODHINO***
29, um Béil
L-7653 Heffingen
621 750 375
tamaguccy@hotmail.com

***Tom LEICK***
*18, an der Schammeswiss*
*L-7651 Heffingen*
*661 120 378*
*tom.leick@vo.lu*

***John RACH***
*15, op der Strooss*
*L-7650 Heffingen*
*691 317 754*
*johnhiefenech@gmail.com*

***Arlette SCHANTZEN***
*76, op der Strooss*
*L-7650 Heffingen*
*691 878 472*
*arvemja@pt.lu*

***Guy SCHILTZ***
*45, um Beil*
*L-7653 Heffingen*
*621 497 011*
*schiltzw@pt.lu*

***Jean SCHWARTZ***
*34, um Bëschelchen*
*L-7670 Reuland*
*691 878 665*
*jang.schwartz@gmail.com*

***Ricardo SILVA TEIXEIRA***
*42, rue Scheerbach*
*L-7625 Heffingen*
*621 344 400*
*tsrici@gmail.com*

## *Internet Säit*

*https://www.mir-fir-iech.lu*

## *Facebook Säit*

*https://www.facebook.com/profile.php?id=100091909596983*